LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 05 DEC. 2018

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
05 DEC. 2018

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

Réf. : Co/QP59-02/JM-rg

**Objet**: **Question parlementaire N° 59 urgente du 28 novembre 2018 de Monsieur le Député Sven Clement**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire urgente reprise sous rubrique.

Étienne Schneider

Dossier suivi par : Judith Meyers, tél : 247-84349 ; email : judith.meyers@eco.etat.lu



19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu
www.eco.public.lu

**Réponse de M. le Vice-Premier ministre, ministre de l'Economie, Etienne Schneider, à la question parlementaire urgente nr 59 du 28 novembre 2018 de Monsieur le Député Sven Clement**

Duerch nei Geschäftsmodeller an Online-Servicer, déi well normal fir d'Konsumente sinn fir u kreativ Inhalter ze kommen, ass et kloer datt e puer Schlësselelementer vum europäesche Kader wat d'Urheberrechter ugeet, déi virun allem op der Direktive 2001/29/CE vum 22. Mee 2001 iwwert d'Harmoniséierung vu verschiddenen Aspekter vum Urheberrecht an d'verwandte Rechter an der Informatiounsgesellschaft baséieren, net un déi nei digital Realitéit adaptéiert sinn. Obwuel et zum Beispill Exceptioune fir d'Urheberrechter um Gebitt vun der Erzéiung, der Recherche an dem Erhale vum kulturellen lewen ginn, ass awer näischt virgesi wat den digitalen Ëmgang betrëfft an dofir d'Méiglechkeete fir d'Benotzer fir vun deenen neien Technologien ze profitéieren aschränkt, dëst besonnesch grenziwwerschreidend.

De 14. September 2016 huet den EU Exekutiv den Pak iwwer "Reform vum Urheberrecht" presentéiert, deen eng Propositioun fir e Reglement fir d'Bestëmmung vun de Reegelen iwwer d'Ausübung vun den Urheberrechter an d'verwandte Rechter fir gewëssen online Transmissioune vun Radios- an Télésenderen an der Retransmissioun vu Fernseh- a Radiosprogrammen, an eng méi allgemeng Propositioun vun enger Direktive iwwer d'Urheberrechter am digitale Marché unique enthält, op déi de respektabelen Deputéierte sech référéiert.

D'Regierung begréisst d'Propositioun vun der Kommissioun fir eng Direktive fir d'Adaptatioun vun den Urheberrechtsregelen an der EU sech un déi nei Realitéite vum Maart unzepassen, fir datt all Acteur vum Potenzial vun dësem neien Environnement ka profitéieren. Ee méi europäesche Kader ass néideg fir d'Fragmentéierung an d'Problemer am Marché unique ze iwwerwannen.

Trotzdeem ass et wichteg z'ënnersträichen, dass dës Propositioun fir eng Direktive vill verschidde Problematike behandelt (Exceptiounen, Limitatiounen, Lizensmechanismen, Gerechtegkeet am Bannemaart), déi vläicht besser gewiescht wieren separat diskutéiert ze ginn.

Déi allgemeng Approche vum Conseil fir d'Triloguen ass vum Conseil compétitivité vum 25. Mee 2018 ugeholl ginn. Den Text vun dëser allgemenger Approche ass iwwer folgende Link erreechbar: https://www.consilium.europa.eu/media/35373/ st09134-en18.pdf

D'Parlament huet an der Tëschenzäit hir Positiounen den 12. September 2018 ofgeschloss.

D'Propositioun fir eng Direktive iwwer Urheberrechter am digitale Bannemaart fixéiert Reegele fir d'Harmoniséierung vum Droit vun der Europäescher Unioun iwwert d'Urheberrechter a verwandte Rechter am Kontext vum Bannemaart ze verfollegen, a virun allem d'Auswierkunge vun der technologescher Evolutioun op dem digitalen a grenziwwerschreidende Gebrauch vu geschütztem Inhalt. Hei ginn et dréi Haaptachsen:

- Ausnamen a Limitatioune festleeën
- Lizenzmechanisme vereinfachen
- Verbesseren a steigeren vun der Gerechtegkeet am Bannemaart

D'Artikelen an der parlamentarescher Fro ginn dofir hei separat behandelt.

Artikel 3:

Den Artikel 3 crééiert eng nei Ausnam vun der Urheberrechter fir bestëmmte beneficiär Organismen (wéi zum Beispill Universitéitsforschungszentren). Dës beneficiär Organismen kréien dofir d'Méiglechkeet fir Textrecherchetechnologien ze benotzen, ouni virdrun d'Autorisatioun vun de Rechteinhaber musse kritt ze hunn. Well eng temporär Kopie oder net néideg ass fir dës Technologien ze benotzen ass eng explizit Autorisatioun fir dës Benotzung vun de Wierker prinzipiell néideg.

Dësen Artikel garantéiert gesetzlech Gewëssheet fir di beneficiär Organismen vun dëser neier Ausnam. Wärend de Gespréicher am Conseil, gouf en Artikel 3a agefouert fir de Memberstaaten d'Méiglechkeet ze ginn eng Ausnam op ähnlech Urheberrechter fir kommerziell Zwecker a fir Betriber a Plaz se setzen.

Dës zwee Artikele klären de legale Kader fir Textrecherche an bieden eng héich gesetzlech Sécherheet fir d'Beneficiairen vun dëser Ausnam grad esou wéi och fir d'Titulaire vun de Rechter. Di fundamental Fräiheete wäerte net vun dësen Artikelen affektéiert ginn.

Artikel 11:

Wat virun allem déi Bestëmmungen am Artikel 11 vun der Propositioun fir eng Direktive ugeet, nämlech de Schutz vun de Pressepublicatiounen fir den Internetverbrauch, muss betount ginn datt am aktuelle digitale Kontext verschidde Plattformen ze oft Texter oder Inhalt vun der Press benotzen (och wann se einfach Iwwerschrëfte sinn) a profitéieren sou vun hinnen fir se kommerziell auszenotzen, andeems se zum Beispill Reklammen drasetzen. Awer weder den Auteur nach de Verlag gi remuneréiert well keng Kontrakter ofgewéckelt goufen. An dësem Kontext ass et wënschenswäert, d'Positioun vun de Presseéditeuren ze verstäerken an d'Ëmsetze vun hire Rechter ze erliichteren, wann Drëtter hir Inhalter ouni Autorisatioun benotzen, dëst wärend de groussen Zougang fir d'Utilisateure garantéiert bleift.

Fir e Gläichgewiicht tëscht de verschiddenen Acteuren z'ënnerstëtzen a fir sécher ze sinn, datt se ënnerenee profitéiere kënnen, huet d'Regierung zanter September 2016 wärend de Verhandlungen am Conseil d'Adoptioun vun enger gesetzlecher Présomptioun en faveur vun den Editeuren ënnerstëtzt.

Trotz der Oflehnung vun der Propositioun iwwer déi gesetzlech Présomptioun, déi an den An vun der Regierung di beschten Äntwert op de Problem wier, setzt Lëtzebuerg weiderhin op eng ausgeglachen Optioun, déi gerecht fir all Concernéiert ass an di fundamental Fräiheete garantéiert.

D'Regierung huet hir Positioun schonns am Kader vun der parlamentarescher Fro No. 3692 duergestallt.

Artikel 13

Dësen Artikel soll de Problem vum Decalage tëscht de Beneficer di d'Online Plattformen duerch geschützten Inhalter man an dat wat d'Createuren wierklech kréien, ugoen. Mir schwätzen hei sou zum Beispill iwwer Plattformen wéi YouTube oder DailyMotion, déi Benotzer erlaben geschützt oder net geschützten Inhalter ze deelen.
Hei geet et drëms d'Plattformen ze obligéieren fir Lizenzen fir geschützten Inhalter déi vun Utilisateuren online gestallt ginn, ze kréien, an des Plattformen an engem legal definéierte Kader fir Violatiounen um Urheberrecht verantwortlech ze maache wa se keng Mesuren en Place setze fir d'Disponibilitéit vu net erlaabte Wierker ze verhënneren, a wa se kee Mechanismus fir Notifikatiounen a Retrait op net erlaabten Inhalt virgesinn.

Wärend den Diskussiounen um europäesche Niveau, huet di Lëtzebuerger Regierung sech fir d'Schafe vun engem digitalen Environnement fir Innovatioun agesat, dat di fundamental Fräiheete respektéiert an e gerechten an equilibréierte Kader fir d'Rechteinhaber garantéiert an och d'Besoine vun den Utilisateure Rechnung dréit.

D'Regierung ass der Meenung dass Lëtzebuerg an enger digitaler Ëmwelt haaptsächlech Rechtssécherheet brauch. D'Regierung ënnerstëtzt dofir d'europäesch Harmonisatioun ënnert der Bedingung dass se e gerechten Equiliber tëscht allen Acteure schaaft. Wann d'Gefor do ass dass de Maart sech eleng zum Virdeel vun deene wirtschaftlech Stäerksten entwéckelt, ass et gutt wa Reegele geschaaft ginn déi den Interêten vun de Konsumenten a Createure Rechnung droen. Zemools am grenziwwerschreidenden digitalen Ëmfeld ass et dofir wichteg dass de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg, fir innovativ kënnen ze sinn, sech do op, vun allen Noperen unerkannte Reegele, verloosse kann.